# POMPJEESVERBAND FLASH November 2023

Kolleginnen a Kollegen Pompjeeën am CGDIS,

E puer wichteg Informatiounen aus der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 23. November 2023 :

**Neie Generalkeessier**

Op der Sëtzung vum Zentralvirstand ass d'Esra Lotoll (Member CIS Käerjeng, Member GIS GACO a Member Concourskommissioun) eestëmmeg op de Posten vum Generalkeessier bestätegt ginn, hat trëtt säin Amt den 1. Januar 2024 un.

**Neit Asbl-Gesetz: Info Versammlung**

De Pompjeesverband organiséiert am 1. Trimester 2024 eng Presentatioun zum Thema neit Asbl-Gesetz. E genauen Datum kënnt no. D'Amicallen sollen awer wëssen, dat all Asbl ab September 2023 genau 2 Joer Zäit huet, fir hir Statuten an eventuell hier Compta un dat neit Gesetz unzepassen. Et brennt also am Moment näischt un!

**Postlaf an der Stad**

Den 10. Mäerz 2024 fënnt de Postlaf zu Gaasperech (Lëtzebuerg-Stad) statt,. De Pompjeesverband mécht eng Kategorie fir d' Memberen vum CGDIS, wou di beschte Leefer och Präisser gewanne kënnen. Méi Informatiounen fannt dir op www.fnsp.lu

**Kalenner vun der Pompjeeszeitung 2024**

Wann är Amicale eng Veranstaltung organiséiert setze mir gären des Informatiounen an de Kalenner vun onser Pompjeeszeitung, schéckt eis dofir einfach en Email op presse@fnsp.lu

**Reform FNP - Update**

Als Info: Den 7. September kommen eis Reform GT'ën zesummen fir sech géigesäiteg en Update vun hirer Aarbecht ze ginn fir doduerch eng besser Koordinatioun vum Prozess ze garantéieren. Derbäi sinn och Vertrieder vun den Regionalverbänn an aner Stakeholder.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 49771-8093 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 3, blvd. De Kockelscheuer L-1821 Lëtzebuerg